

TRANSPORT



Neujahrsgespräch mit den CFL-Verantwortlichen

Happy New Year
Alles Guddes fir 2026

Wir gedenken unserer Verstorbenen

Thomas-Poull Margot	Sektioun Norden/Ettelbréck
Goergen- Hippert Arlette	Sektioun Beetebuerg
Klicsek-Reding Denise	Sektioun Péiteng
Capesius André	Sektioun Norden/Ettelbréck
Gleis Edouard	Sektioun Péiteng
Faber-Hengen Anita	Bâteliars
Odem-Konen Josette	Sektioun Norden/Ettelbréck
May Jean	Sektioun Esch/Uelzecht
Schmit-Tartiere Ginette	Sektioun Zentrum
Bourg-Devadder Georgette	Sektioun Péiteng
Goergen Jean-Marie	Sektioun Esch/Uelzecht
Welter Roger	Sektioun Beetebuerg
Palzer Aloyse	Sektioun Norden/Ettelbréck
Kimmes-Konsbrück Danielle	Sektioun Zentrum
Demare-Leider Marguerite	Sektioun Zentrum
Schmit Jean	Sektioun Norden/Ettelbréck
Goerens-Gindt Nelly	Sektioun Esch/Uelzecht
Kayser-Meilender Marie-Thérèse	Sektioun Zentrum
Gitzinger Claude	Centre/Osten
Jung-Hellers Marie Jeanne	Sektioun Zentrum
Muller Armand	Sektioun Zentrum

Wengler-Damoiseaux Yvonne	Sektioun Zentrum
Wagener Camille	Sektioun Norden/Ettelbréck
Straus Arthur	Sektioun Zentrum
Gras Joseph	Sektioun Péiteng
Felgen Jean	Sektioun Zentrum
Gillander Nicolas	ACAP
Felten-Jeanty Milly	Sektioun Norden/Ettelbréck
Schaeffer-Boever Lucie	Sektioun Norden/Ettelbréck
Wagner Emile	Sektioun Zentrum
Warling Jean	Sektioun Zentrum
Gergen Jean-Pierre	Sektioun Zentrum
Becker Fernand	Sektioun Esch/Uelzecht
Herren Jean	ACAP
Muller Jean-Claude	ACAP
Kohnen-Nicks Cécile	Sektioun Péiteng
Fux Jean	Sektioun Esch/Uelzecht
Schmit Georges	Sektioun Péiteng
Federmeyer-Wagener Gabrielle	Sektioun Zentrum
Lorgé Armand	Sektioun Esch/Uelzecht
Lutgen-Eicher Simone	Sektioun Péiteng



Neijoersried vun der SYPROLUX-Präsidentin



MYLENE BIANCHY
Présidente

Madame Minister;

Här Präsident vum CFL-Verwaltungsrot;

Där Hären Administrateuren aus dem CFL-Verwaltungsrot;

Där Dammen an Hären Direkteren a Chefs de Service vun den CFL;

Kolleege vun der CGFP;

Vertrieder vun der Federatioun vun de Mutuellen an der CMCM;

Personalvertrieder, Ersatzdelegéiert, Memberen a Sympathisante vum SYPROLUX;

Léiw Alleguer

Fir unzefänken wënsche mir Iech alleguerten an ären Léifsten e schéint neit Joer. Datt alles esou leeft ewéi Der et Iech et wënscht. A virun allem wënschen mer Iech eng gutt Gesondheet, vill Geduld a Resilienz fir all kommend Erausforderungen, esou verschidden se och kenne sinn, ze meeschten.

Et ass schéin an esou e gutt gefüllte Sall eran ze kucken. Mat ärer Präsenz éiert der eis an ënnersträicht d'Wichtigkeet vum SYPROLUX, der eenzeger autonomer an onofhängeger Eisebunnengewerkschaft zu Lëtzebuerg.

Och wa mer schonn voll a ganz am neie Joer stinn, ass et net verkéiert Vergaangenes Revue passéieren ze loosse fir och esou de Bléck fir dat wat kennt ze schärfen.

Mat Bléck op déi geopolitesch Lag ronderëm eis, innerhalb den europäesche Grenze keen och iwwert déi eraus, sou stellt ee fest, datt Krich, Muechtusproch an Oppressioun ewéi d'Tentakel vum engem Oktopus ëm sech gräifen.

Et stellt een och fest, datt den Discours op europäeschem, an domat och op nationalem Plang, e Sproochgebrauch kennt, deen een eigentlech längst vergaangenen Zäiten zougeschriwwen huet. Well wéi vill vun eis hätte geduecht datt mer eng Kéier iwwer Schutz viru Cyberkrichsféierung, Defense Bonds oder Military Mobility géifen diskutéieren an debattéieren? Dat ass alles aneschtersewéischéin, mee et ass eng Noutwendegkeet, well mer liewen net an enger Bubble ëm ginn vun engem Schutzschëld, wou näischt kann un eis kommen.

A wa mer vu Sproochgebrauch schwätzen, musse mer feststellen datt 2025 hei zu Lëtzebuerg, et méi ewéi eng Kéier zu engem "High noon" koom, an d'Wuertgefechter mat Momenter zimmlech well erof gaange sinn.

Mee gutt, bei wëlle Schéissereien, kann et sinn, datt een sech um Enn selwer ofgeschoss huet. An ech ginn elo net weider op dem fréieren Aarbechtsminister seng Selbstdemontage vu virun enger Woch an. Mee ech wënschen deem neien Aarbechtsminister eng roueg Hand an Nerven ewéi Eisebunnsschinnen, well déi vun engem Tram halen do definitiv net duer. Zum Rentendossier just esou vill: aufgeschoben ist nicht aufgehoben! À court Terme komme mer net dolaanscht, ugefaangen Analyse weider ze féieren a weider no gangbaren Léisungen ze sichen. Do sti mer all als Acteure vun eiser Gesellschaft an der Verantwortung fir eise System esou ze gestalten fir datt e mat der néideger Resilienz weiderhi Bestand huet.

"Trounwiessel" war d'Wuert vum Joer 2025, op Plaz 2 koom den Terme "Sozialdialog"!

Sozialdialog ass an a fir sech eppes wat vill Pfllege, vill Opmierksamkeet a Fäingefill brauch. Et ass en Atout fir deen ee beneit gëtt. Sozialdialog geet Hand an Hand mat Vertrauen. Déi zwou Saachen zesumme geholl maachen, et zou eppes Zerbrécklech, zu engem Band wat een iwwer Joren ewech knäppt. Verspillt een d'Vertrauen, kappt een déi Bréck vum Sozialdialog, et stellt een a Fro wat ee gemeinsam als Sozialpartner erreecht huet an et hypothekéiert een Zesummenaarbecht fir d'Wuel vun de Kollegeinnen an de Kollegen an engem Betrib.

Sozialdialog ass och keng Einbahnstrooss, wou déi eng Säit déi aner Säit mat hire Maximalforderungen well kleng kréien.

Nee, Sozialdialog ass sech op Aenheicht begéinen, vun de selwechten Ausgangspunkte fortgoe fir sech an der Mëtt ze begéinen an dat nennt ee Kompromëss. An dat eis Verantwortung als Sozialpartner am CFL-Betrib.

An déi Verantwortung hunn er als **SYPROLUX 2025** ganz kloer ënner Beweis gestallt. An engem Moment, wou anerer aus der Héft geschoss hunn, fir sech eleng entscheet hunn de Sozialdialog bei der Eisebunn wär dout, ouni Plang, mee duerfir mat villen

falsche Behauptungen Onrou an Zwist an de Betrib bruecht hunn, si mer als SYPROLUX standhaft bliwwen. Mer hunn e kale Kapp behalen a sinn net vum Verhandlungsdësch opgestanen, well fir eis war et kruzial all déi Dossier'en, déi dee Moment do lounge, zum Wuel vun de Kolleegeinnen a Kolleege am Betrib ofzeschleissen.

An haut hunn en adaptéierten 3 Schichtensystem, deen de Besoin'en ënner anerem vun eise Fahrdienstleiter Rechnung dréit, an deen net méi op verkierzte Rouzäite baséiert.

An haut hu mer d'Reegelwierk fir eng kloer strukturéiert Astreinte. An mer hunn et faerdeg bruecht, datt d'Astreinte zu der Aarbechtszäit gezielt gëtt an datt eis Kolleegeinnen a Kolleege op der Astreinte 10 Stonnen onënnerbrache Rouzäit hunn.

Alleng mat deenen 2 Punkten hu mer eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen a vun der Sécherheet op der Aarbechtsplaz erzielt.

An haut hu mer eng Prime opérationnelle, iwwert déi mer konnten déi negativ Entwécklung vun der Reform vun 2015 deelweis offiederer. Mat der Primm an engem Mechanissem vum Ausgläich an Deckelung fir Agenten, déi virun 2015 agestellt goufen, gëtt des Prime un eppes méi ewéi 1100 Leit ausbezuelt.

An all dës Punkten hu mer schwaarz op wäiss an eise Memorandum of understanding stoen, dee mer als SYPROLUX mat CFL-Direktioun de 06/06/2025 ënnerschriwwen an am Kader vun der Personalverriedung am Betrib ëmgesat hunn. Ouni Gebläers an Zodi, mee duerfir mat kloren Argumenter a Verhandlungsgeschéck.

Et war keng einfach Zäit, net am Betrib, och net SYPROLUX intern. An och eis Kolleegeinnen a Kolleege aus dem Service Bus hunn e stiermescht Joer hannert sech. An nawell sinn och Sie nees bei hirer Obregkeet virstelleg ginn, fir d'Aarbechtszäiten an d'Roulement souwuel fir déi agedeelten Agenten ewéi och fir d'Reservisten ze verbessern. An duerch hier Asaz an hier Ausdauer an hiert oppent a respektvoll Virspriechen bei der Obregkeet konnte Sie Verbesserungen erzielen.

Jo, et huet misse vill erkläert ginn, diskutéiert ginn, ëmmer an ëmmer erëm. Mer sinn duerch de Stuerma gaangen, mer hunn eis als SYPROLUX behaupt a mer hunn eis Linn duergezunn.

An dat war et der wäert!

A mer brauche keen, kee rouden a kee gréngen, deen eis d'Gewerkschaftsaarbecht an de Sozialdialog op der Eisebunn well erklären. Eis positiv Verhandlungseresultater schwätze fir sech.

An engem Sozialdialog gëtt een sech och d'Wuert fir weider Dossier'en zesummen unzegoen. A fir eis ass e Wuert e Wuert. An duerfir hu mer eis als SYPROLUX, aus eise Memorandum of understanding eraus, zesumme mat der CFL-Direktioun dozou verpflichtet eis mam Verlaf vun eise Karriären, den Examsprozeduren an der beruflecher Entwécklung innerhalb vun eise Laufbahnen auseneen ze setzen.

An eisen Aen, muss d'CFL sech verstärkt em d'Fideliséierung vun den Eisebunnerinnen an Eisebunner këmmen. Och dat dréit dozou bäi, dass eng CFL hier Attraktivitéit als Employeur ënnermauert. A fir een ze fideliséieren, muss een engem Perspektive fir eng beruflech Weiderentwécklung ubidden. Berufflech Weiderentwécklung ass en Zeeche vun Unerkennung a Valoriséierung. Den Eisebunner muss sech gesinn, unerkannt a valoriséiert spieren. E muss unerkannt ginn als e wichtege Deel vum Betrib, deem seng Kompetenz an säin Asaz fir de Betrib zielen.

- Als SYPROLUX sti mer fir e fairen Zougang zu de Promotiouns-a Laufbahnexamen;
- mer fuerderen transparent Krittären a gutt strukturéiert Programmer op deenen Examen opgebaut sinn;
- Als SYPROLUX sti mer fir d'Unerkennung vum Handwierk;
- Mer fuerderen duerfir d'Aféiere vun Eisebunnsrelevanten "filières spécialisées" am Beräich vun der Maintenance vun eise Rullmaterial;
- Mer fuerderen d'Unerkennung vun der Meeschterprüfung an Eisebunns relevante Beruffer.

Mat Bléck op déi verstärkten Digitaliséierung vun eiser Aarbechtswelt, dem Asetze vu kënschtlecher Intelligenz, der Aféierung vun ëmmer nees neien Technologie besteet net nëmme weider Handlungsbedarf bei den Astellungen, mee virun allem och un der Weiterbildung vun de Leit am Betrib. Eng Eisebunn kann sech et net erlaben, Leit net mat op den Zuch vun der Digitaliséierung matzehuelen. Duerfir muss een awer och Zäit, Gedold, mënschlech Ressourcen a gutt ausgeschaffte Formatiounspläng hunn.

2026 wäert un éischter Stell awer am Zeeche vun der Commission paritaire stoen. D'Commission paritaire ass déi Instanz, déi sech mat der Transposition vum Gesetzesännerungen am Statut vum Staatsbeamten eriwwe an eisen CFL-Personalstatut befaasst. Fir eng kommend Commission paritaire musse mer Upassunge ronderëm eng ganz Partie vun eisen OG virleeën, am Beräich Congé'en, Aarbechtsbestëmmungen, Personalverriedung, Changement de carrière, intern Mobilitéit, Mesures disciplinaires. Dës Adaptatiounen ginn dann op den Instanzewe bruecht fir dann

iwwert e Règlement grand-ducal an eise Personalstatut aktéiert ze ginn.

Deemno schonn en zimmlech grouse Plat, dee mer do op der Lee leien hunn. Mer hoffen awer, an elo kucken ech op Iech Här Lickes, als Président vun der Commission Paritaire, dass mer 2026 deen Dossier gedréint kréien.

Weider op eiser To Do Lescht steet d'Refonte vun eise Bestëmmungen zu der "culture juste" an de mesures disciplinaires. Och do ware mer eis als Sozialpartner mat der Direktioun eens, dat mer dee Prozess musse méi kloer strukturéieren a mei Wäert op den Deel vun der Enquête leeën. Des Weideren ass eis dru geleeën de Volet vun der culture juste méi kloer ze definéieren, well mer "nach wie vor" der Meenung sinn, dass mer nëmme weider kommen an eiser Sécherheetskultur, wa mer op der anerer Säit den droit à l'erreur unerkennen.

Mer si fir Sensibiliséierung a Verbesserungsmesuren, esouwuel a punkto Verhalen an engem Aarbechtsëmfeld, ewéi a punkto techneschem a reglementaresche Wëssen, amplaz vu Repressioun duerch eng réng Strofkultur, déi ausser Mësstrauen, weder dem Agent nach dem Betrib eppes bréngt.

An ech betounen op en Neits, dass mer als SYPROLUX net dofir sinn, all Eisebunner e Persilschäin auszustellen an him all Responsabilitéit ofzeerkennen. Ganz am Géigendeel, mer bleiwen dobäi: jidderee muss op sengem Niveau fir säi Beräich Verantwortung iwwerhuelen. Jidderee vun eis muss sech bewusst sinn, dass säin Handeln ëmmer Konsequenze mat sech zitt, op elo positiv oder negativ sief elo mol dohi gestallt.

E weidere Punkt, wou mer hoffen, dass mer 2026 weiderkommen, läit am Beräich vun der Sécherheet am öffentlechen Transport.

An zwar geet et em den "outrage à agent".

Eis Leit dobaussen um Terrain, déi am direkte Kontakt mam Client stinn, erbréngen eng öffentlech Déngschtleschtung. An der Ausübung vun hirer Missioun verdéngen se net nëmmen deen néidege Respekt, mee virun allem deen néidege Schutz um legale Plang am Fall vun engem Iwwergrëff. Duerfir fuerdere mer weiderhin, dass dëst Reegelwierk och fir Eisebunner ugewant gëtt.

Gewalt ass keen Deel vun eiser Aarbecht. Mee leider schwätzen d'Zuelen eng aner Sprooch. Am Kader vun enger Ëmfro, déi säitens der Europäescher Transportaarbechterfederatioun lancéiert gouf, konnte mer feststellen, dass 64% vun de befroten Eisebunnerinnen an Eisebunner zu Lëtzebuerg uginn hunn, Ge-

walt oder Belästegung op hirer Aarbechtsplaz erlieft ze hunn. 57% vun de Befroten hunn de Client als Auteur uginn.

An och wa statistesch gekuckt am Verhältnis zu ëmmer méi Reesender, den Taux de fréquence an den Taux de gravité erofginn, esou ännert dat näischt drun, dass all Iwwergrëff, op physisch oder verbal, eng Gewaltdot ze vill ass. Erschreckend dobäi ass, dass d'Fall vun "harcèlement sexuel" sech laut den Zuelen, déi de Service SE am Comité de pilotage sûreté virgestallt huet, vun 2024 op 2025 verdräifacht hunn. Mer kennen an däerfen esou Resultater net ignoréieren oder relativéieren. Mee mer mussen se eescht huelen.

Gewalt féiert net nëmmen zu kierperleche Blessuren. Oft sinn et déi psychesch Blessen, déi vill méi déif sinn, a vill manner verheelen. Freet ee betreffen Agenten, wat Gewalt op der Aarbechtsplaz mat hinne gemaach huet, héiert ee Wieder ewéi Angscht, Demotivatioun, Hëlleflosegkeet, Roserei, Verloscht vu Selbstvertrauen a Selbstwäertgefill.

Esou Aussoe musse mer och eescht huelen, an aus deem Grond, poche mer drop, dass eng Aggressioun op der Aarbechtsplaz als Aarbechtsakzident unerkannt gëtt an dat och ouni lésion corporelle. Mer wäerten als SYPROLUX op en Neits bei der zoustänneger Ministesch virspriechen.

De Phänomen vun der Gewalt am Transport fanne mer queesch duerch Europa. Aus deem Grond hu mer als SYPROLUX eis aktiv zesumme mat de Kolleginnen a Kollegen vun der ETF staark gemaach, dass am gemeinsamen Aarbechtsprogramm 2026-27 mat der CER (communauté européenne du rail) am Kader vum europäesche Sozialdialog de Punkt vum Schutz vun den Eisebunnerinnen an Eisebunner viru Gewalt duerch Drëtter opgeholl ginn ass.

Virun 2 Joer ware mer op der Sich no eiser Ministesch. An mer haten do awer och keng Méi gescheit. Ech ka mer virstellen, dass den Här Mischo léiwer eng Vermësstenanzeige zu senger Persoun gelies hätt, ewéi dee Bréif vun der Front, also déier neier Gewerkschaftsfront. Et deet mer leed et ass heiandsdo méi staark ewéi ech...

D'lescht Joer konnt ech du soen, dass mer eis Ministesch fonnt haten, an do hu mer se awer och net méi aus den Ae gelooss. Mee Geck an den Eck, mer sin frou iwwert déi konstruktiv Zesummenaarbecht mat eiser Ministesch. A mat den Häre Jean-Paul Lickes a Raphaël Zumsteeg vun der Direction transport ferroviaire, hu mer der 2, bei deene mer en oppent Ouer fannen, wa mer et brauchen.

Jo, an dëst Joer kann ech nach eng drop leeën, wéi der a menger Begrëssung héieren hutt, eis Ministre de Tutelle, d'Madamm Yuriko Backes ass den Owend bei eis a mer freeën eis drop vun hier nach e puer Wuert ze héieren.

Där Dammen an Hären, Kolleeginnen a Kolleegen där héiert:

D'Aarbecht geet eis net aus, an:

- Gewerkschaftsaarbecht ass e Marathon a kee Sprint;
- Gewerkschaftsaarbecht ass d'Verdeedegung, den Erhalt an d'Stärkung vum Sozialdialog;
- Gewerkschaftsaarbecht bedeit den Iwwerbléck ze behalen a standhaft ze bleiwen;
- Gewerkschaftsaarbecht heescht e verlässlechen, éierlechen a faire Partner ze sinn;
- Gewerkschaftsaarbecht bedeit fir d'Sécherheet, d'Gesondheet an d'Interesse vun der Belegschaft anzetrieden;
- Gewerkschaftsaarbecht bedeit awer virun allem, d'Solidaritéit oprecht z'erhalen. Solidaritéit innerhalb an tëschent Berufsguppen am Betrib, Solidaritéit vun enger Direktioun vis-à-vis vun der Belegschaft;
- Solidaritéit ass eng Prämiss fir e gesond a séchert Zesummeliwen, Zesummeschaffen an zesumme Weiderkommen.

Als SYPROLUX sti mer zu eiser Verantwortung

Als SYPROLUX sti mer zu eisem Wuert,

Esou si mer an esou wëlle mer di kommend Erausforderunge meeschten am Interesse vun de schaffende Leit.

Fir ofzeschlëssen, wéilt ech Iech nach e puer Zeile

vum Jacques Brel mat op de Wee ginn:
An deem Sënn:

Je vous souhaite des rêves à n'en plus finir et l'envie furieuse d'en réaliser quelques uns.

Je vous souhaite d'aimer ce qu'il faut aimer et d'oublier ce qu'il faut oublier.

Je vous souhaite des passions. Je vous souhaite des silences.

Je vous souhaite des chants d'oiseaux au réveil et des rires d'enfants.

Je vous souhaite de respecter les différences des autres, parce que le mérite et la valeur de chacun sont souvent à découvrir.

Je vous souhaite de résister à l'enlissement, à l'indifférence et aux vertus négatives de notre époque.

Je vous souhaite enfin de ne jamais renoncer à la recherche, à l'aventure. à la vie, à l'amour, car la vie est une magnifique aventure et nul de raisonnable ne doit y renoncer sans livrer une rude bataille.

Je vous souhaite surtout d'être vous, fier de l'être et heureux, car le bonheur est notre destin véritable.


Nach eng Kéier alles Guddes am neie Joer, eng gutt Gesondheet an Nerven ewéi Eisebunnsschinnen! Prost, op eis!

| Mylène Bianchy

Save the date:

Generalversammlung vun der Sektoun Norden, den 06.03.2026

Generalversammlung vun der Sektoun Esch, den 13.03.2026



Bericht der Zentraldelegation vom 12.12.2025:



Der Wagenmeister – Ein Beruf mit Zukunft bei den CFL

TM-Bereich:

Bis Ende 2026 wird der Personalbestand der Wagenmeister im Centre Opérationnel planmäßig auf 12 Bedienstete steigen. Hierbei sind die fünf derzeit in Ausbildung befindlichen Kollegen bereits fest eingerechnet. Um eine lückenlose Besetzung aller Schichten sowie die verlässliche Genehmigung von Urlaubsanträgen zu gewährleisten, wird im Januar 2026 ein neuer Schichtplan eingeführt. Aktuell liegt der Personalbestand aufgrund von Vaterschaftsurlauben, Pensionierungen und Krankheitsfällen unter dem Soll von 12 Personen, was Anpassungen im Dienstplan erforderlich macht. Nach ein paar Monaten erfolgt eine gemeinsame Evaluierung, um über weitere Optimierung des Modells zu entscheiden.

Fest steht: Der Fortbestand des Berufsbildes des Wagenmeisters ist nicht gefährdet.

In der Zentralwerkstatt Luxemburg wird eine Harmonisierung der Schichtmodelle angestrebt, in den Bereichen wo eine Optimierung vonnöten ist. Ziel ist es, durch einheitliche Rahmenbedingungen die Dienstpläne zu vereinfachen und potenzielle Diskussionspunkte zu minimieren.

In Bezug auf die Betreuung von Auszubildenden (Lehrlinge/Stagiaires) wurde klargestellt, dass hierfür keine zusätzliche Prämie ausbezahlt wird. Gemäß interner Richtlinien sind Prämien im Bereich TM auf sicherheitsrelevante Posten beschränkt.

MI-Bereich:

Die Lokotraktorfahrer des MI erhalten eine Prämie von 10 Punkten, solange sie diese Funktion ausüben. Aktuell gilt diese Regelung jedoch nur für Bedienstete der I-Laufbahn.

Für die Lokotraktorfahrer des „MI-Clif“ wurden neue Schichtpläne erarbeitet, die von den Gewerkschaften positiv bewertet wurden. Kernpunkt ist der Wegfall der Mittagschichten zugunsten von Früh- und Nachtschichten, um den täglichen Bedarf effizienter zu decken. Die CFL wird diese Pläne zeitnah final prüfen.

Digitaler Krankenschein:

Im Laufe des Jahres 2026 wird in Luxemburg der digitale Krankenschein eingeführt. Dieser wird automatisch vom behandelnden Arzt auf das persön-

liche „MyGuichet“-Konto des Mitarbeiters übermittelt und muss dann von dort eigenständig an die CFL weitergeleitet werden. Ein integrierter „Gov-Code“ garantiert dabei die Echtheit des Dokuments. Sobald alle Datenschutz- und Sicherheitsvorkehrungen seitens der CFL abgeschlossen sind, erfolgt zur Einführung eine umfassende Information an die gesamte Belegschaft.

Wichtig: Die Pflicht zur persönlichen Ab- und Anmeldung auf der Dienststelle bleibt bestehen.

Für Grenzgänger ändert sich das aktuelle Verfahren vorerst nicht.

OG10:

Eine erste Bilanz nach der Einführung der neuen OG10 zeigt, dass punktuelle Anpassungen und Vereinfachungen am Prozess und am Text notwendig sind. Die Zentraldelegation wird in den kommenden Wochen und Monaten an diesem Dossier arbeiten.

Nouvelle DG:

Hinsichtlich der neuen Generaldirektion (DG) verlaufen die Arbeiten planmäßig. Der Einzug ist für September 2027 vorgesehen; bis Ende 2027 sollen alle betroffenen Abteilungen umgezogen sein. Aufgrund der verstärkten projektbezogenen Arbeiten wird der IT-Dienst auf verschiedenen Dienste aufgeteilt.

Zusätzliche CFL-Bürobegäude werden in der „rue de Kiev“ erbaut.

Konfliktprävention:

Die Personalvertretung hat das Thema Konfliktsituationen gegenüber Bediensteten thematisiert und spezielle Weiterbildungen für Personalvertreter gefordert. Die Generaldirektion prüft derzeit in Zusammenarbeit mit der „Groupe de Contact“ entsprechende Schulungsangebote.

Pour le SYPROLUX

Mylène Bianchy
Fränz Duhr
Steve Watgen
Nelson Costa
Pedro Tavares

EI


**RAPPORT
CHEF DE SERVICE**

Rapport de la réunion auprès du Chef de Service EI, en date du 10 décembre 2025

Echange d'informations:

- Doléances présentées par les délégués resp. affaires portées à l'ordre du jour par le Chef du Service Exploitation Infrastructure.

D'Versammlung huet ouni d'Presenz vum neie Chef de Service EI, dem Här Lux stattfonnt, sou datt eenzel Punkten an Detailer op déi nächst Chef de Service-Reunioun musse reportéiert ginn. E genauen Datum gouf eis net matgedeelt.

Chef de Surveillance Gare Ettelbruck:

- Étant donné que les tâches liées au traitement du courrier, à la présence sur le quai et à la gestion de la gare routière deviennent de plus en plus difficiles à assurer simultanément en raison de l'éloignement des locaux (base de vie / bureau / bureau sur le quai) sont loin l'un de l'autre, ne serait-ce pas envisageable d'introduire un poste CHSV Eb supplémentaire en binaire afin de renforcer et ainsi d'améliorer la gestion et la présence sur le terrain.

Fir 2028 soll en Agent fir de Bus am binaire ageinstallt ginn. Ab 2027 soll Nuets eng mobil Sécherheetsekippp derbäi kommen.

Mataarbechterëmfro 2025 - Résultats de l'enquête:

- Les CFL ont récemment publié les résultats de l'enquête collaborateurs, et il ressort que les résultats sont globalement mitigés, notamment en ce qui concerne la satisfaction des collaborateurs travaillant en tiercé et/ou en horaires décalés.

Il est également frappant de constater que la satisfaction de nos collaborateurs connaît une baisse significative après quelques années de service.

Chaque service a été chargé d'analyser ces résultats et de réfléchir à des pistes d'amélioration.

Pourriez-vous nous présenter vos conclusions ainsi que la stratégie que vous envisagez pour répondre à cette situation dans un avenir proche, voire pour inverser cette tendance ?

Hei ginn nach Analyse gemaach an de Service EI muss da bis Mëtt 2026 e Plan d'Action opstellen. Et ass allerdéngs e groussen Ënnerschied punkto Zefriddenheet tëscht deenen administrativen an operationellen Agenten. Déi haaptsächlech Onzefriddenheet betrëfft net de Service EI mä éischter d'CFL am groussen ganzen.

ARAMIS:

- Aramis est le programme clef pour la gestion du trafic ferroviaire. En cas de défaillance Aramis, quels sont les backups prévus pour les postes directeurs, la supervision trafic.

Dëst ass an der IS228 gereegelt. D'Zugverzeichniss gëtt all Dag automatesch op de Computere vun all Poste gespäichert a kann iwwert eng Icon um Desktop opgemaach ginn.

Nouveau chef de service EI :

- En date du 2 janvier 2026 Monsieur Guy Lux va reprendre le poste de chef de service du EI. Les délégués aimeraient connaître ses idées pour le service, les changements éventuels à venir, les restructurations envisagées.

Reportéiert

Examen de promotion dans le service EI:

- Les délégués demandent que, comme à l'image du service TM, les examens de promotion au sein du service EI seront réformés et ne porteront plus sur des questions sur le règlement, mais dans la réalisation d'une thèse sur un sujet.

Hei sollen déi eenzel Servicer ënnert dem Gilles Schroeder emol zesumme kommen an iwwert d'Examen fir d'Promotion schwätzen.

- Selon l'effectif actuel, ce dernier prévoit pour chaque région deux postes dispensés, ce qui représente 80 heures par semaine et par région

En tant que délégués, nous préférierions que ces dispenses soient réellement utilisées comme telles, avec tous les avantages qu'elles apportent à l'entreprise et aux agents, plutôt que de planifier des séances de service en renfort, qui risquent d'épuiser les capacités en personnel en cas de maladies annoncées inopinément, pouvant entraîner ainsi des postes non occupés.

Den Dossier ass dem Här Direkter Hoffmann bekannt. Well de neie Plang am Mäerz 2026 an der BLZ uleift muss dëst bis dohinner gekläert sinn. Eng Iddi ass datt den Agent disponibel bleiwe muss fir kënne bei Bedarf schaffen ze kommen. Egal wéi muss séchergestallt ginn datt et fir jiddereen fair ofleift egal ob et lo als Disponibel oder Renfort agesat gëtt.

Introduction du nouveau plan de travail 6-9-9 au régime tiercé :

► Les délégués du personnel reviennent sur ce point déjà discuté lors de la dernière réunion:

Comment le futur Chef de Service envisage-t-il introduire le nouveau plan?

Dëst gëtt reportéiert.

Bis elo ass just gewosst datt de neie Plang am El am Mäerz 2026 an der BLZ uleeft.

► Quel sera le plan de travail pour les agents travaillant 75/50% ?

De Personalbüro huet hei verschidde Modeller ausgeschafft. Déi interesséiert Agenten sollen sech w.e.g. via Mail beim Büro mellen an da kréien si d'Detailer matgedeelt.

► Comment va se dérouler la rotation sur les différents postes PDL p.ex. ?

Wéi déi eenzel Agenten op deene verschiddenen Stellwierker déi jeeweileg Poste besetze muss fir all Stellwierker eenzel gekläert gi wann et bis souwäit ass.

D'Delegéierte vum SYPROLUX hunn an dësem Kontext hire Standpunkt punkto Pausen an Ofléis matgedeelt. Dëst resultéiert aus de Gespréicher dee si am Kader vun hire Visitten op all de Poste gefouert hunn.

- D'Pause musse bestoe bleiwe wou se aktuell sinn.
- De Badge bei der Ofléis soll d'Presenz kontrolléieren a net op d'Minutt genau d'Schaffdauer.
- E Pausemann/fra gëtt fir de Réseau tertiaire an d'BLZ gefrot.

En alternative Schaffplang därerf net op Käsche vun deenen 3 Punkten a géint de Wëlle vun de Leit agefouert ginn.

Relation avec le bureau RH et gestion du personnel :

► De nombreux agents se plaignent de la manière dont ils sont traités par le bureau du personnel. La situation est tendue et les délégués du personnel soulignent que seulement 2 à 3 agents au bureau du personnel local ne suffisent pas pour répondre aux besoins du personnel El et garantir une gestion en bonne et due forme.

Déi betreffend Leit goufen a ginn nach emol dorobber sensibiliséiert. D'Laun ënnert de Leit ass net grad déi allerbescht wat Haaptsächlech op de Personalmangel zrëckzeféieren ass. Eng respektvoll Kommunikatioun muss op béide Säite gefouert ginn.

► L'effectif du personnel de gestion est un point, le second point relevé par les délégués du personnel est celui de la nécessité d'une formation de communication et de gestion du personnel pour les agents du bureau du personnel local.

Et gouf eng Formatioun fir d'Leit vum Büro. Den RH hott eis erkläert wéi hir Aarbecht ausgesäit an datt wann den Telefon schellt datt si dack hir Aarbecht mussen ënnerbriechen an herno rëm vu vir mussen ufänke wat och vill Zäit kascht. Et ass driwwer geschwat ginn op et eventuell Sënn géif maachen een USPriechepartner ze hunn, dee weess wat um Büro leeft, an de Leit kann Äntwerten op hir Froe ginn ouni datt déi aner Aarbecht drënner muss leiden, eng Aart Telefonszentral. D'Personalvertrieder honn ënnerstrach datt engt perséinlecht Gespréich dack a kuerzer Zäit vill Froe ka beäntworten anstatt sëllegen e-mailen mussen hin an hier ze schécken. Verschidde kënnen och leider net direkt um Telefon gekläert ginn. Do ass et besser dat iwwer mail ze maachen.

► Vu que les agents peinent à joindre par téléphone le bureau du personnel local, ils sont contraints de faire des messages IVU, moyen guère satisfaisant pour les agents demandeurs. Les délégués du personnel revendiquent donc un système d'Accusé de réception dans le système IVU afin de garantir la prise en compte des messages et qu'ils arrivent au bon destinataire.

Et gouf säitens dem RH betount datt een op alle Fall op den Tel muss goe respektiv si op e Message am IVU mussen äntwere wéi z.B. bei Krankmeldungen. Eis gouf verséichert datt ëmmer all Message am IVU op der richteger Plaz ukënnt. Et läit un de Leit vum Büro dëst ze kucken an drop ze reagieren.

► Concernant l'utilisation du système IVU, bon nombre d'agents jugent les abréviations mal regroupées et difficile à comprendre. Les délégués du personnel demandent donc une solution pour une utilisation plus intuitive, ainsi que l'introduction d'un compteur renseignant sur les heures libres.

E Compteur als solch gëtt et net. Et gëtt driwwer nogeduecht fir déi eenzel Oplëschtunge vun de Roudeeg, Congé, Feierdeeg e.t.c. nei ze regroupéiere wat et den Agenten méi einfach mécht en Iwwerbléck ze behalen. Aktuell besteet schonn eng Lëscht mat den Ofkierzungen an hir Bedeitung. Des Weidere kommen all déi nei Agenten nom S/O bei den RH an de Personalbüro fir eng IVU-Formatioun.

► En cas de changement au plan de travail, les délégués du personnel revendiquent que les agents concernés soient contactés par téléphone pour garantir un flux d'information clair et correcte.

Dëst ass esou ugeholl ginn datt et wichteg ass wann een Agent kuerzfristeg z.B. op eng aner Déngschtstell muss fieren datt et fir béid Säite besser ass datt déi betreffend Persoun dat mat Zäite matkritt a net wéi an der Vergaangenheet eng Ofléis schif geet. Dëst gëtt nach emol de Leit vum Büro rappeliert.

► **Les délégués du personnel revendiquent à ce que le plan de travail des réservistes soit communiqué et publié deux semaines en avance, tel que c'est le cas pour le PAT, ainsi que la publication des jours de repos sur une période de 4 semaines.**

Dëst wäert nach emol an der nächster Sitzung ugeschwat ginn. Et gouf drun erënnert datt all Agent d'Recht op 3 „Wënsch“ pro Mount hätt.

► **Dans le respect de la protection des données à caractère personnel, les délégués du personnel demandent à ne plus annoter certaines informations sur le plan du travail, comme p.ex. les jours de maladie avec ou sans bulletin.**

Verschiede Saache kann een net eenzel ausblenden. Do gëtt entweder alles ugewisen oder näischt. Et kënnen alldéngs déi Deeg wou en Agent feelt einfach wäiss bleiwe fir verschidde privat Donnéeën net méi ëffentlech ze maachen.

► **Les délais de réponse pour les demandes de congé sont trop longs. Une demande faite au printemps pour une période en hiver ne peut pas être refusée ou accordée qu'en été du même exercice.**

An der Moyenne vun deene leschte 6 Méint ginn d'Mitteilungen an 18 Stonne verschafft.

De Lëschtcongé am éischten Tour ass d'office fräi. Dono gëtt den zweeten Tour gekuckt an dann d'Convenances personnelles. Hei weess een an der Moyenne vun deene leschten 10 Joer tëscht 50 a 60 Deeg am Viraus Bescheid fir eng convenance personnelle. Dës Demandë gi vum Büro ausgedréckt, chronologesch dem Datum vun der Ufro no classéiert an ofgeschafft.

► **Les délégués du personnel désirent être informés sur l'outil utilisé pour définir l'heure exacte d'une relève en cas de situation pas claire. Se réfère-t-on au badge, au RPRS ou au login aux ESTW le cas échéant?**

Hei ass et d'Remise déi am RPRS ageschriwwen gouf déi zielt resp. de login op den elektronische Stellwierker.

Et gouf erkläert datt den IVU e performante Programm ass de vill Méiglechkeete bitt. Verschidde Saache kéinten z.B. als provisoresch siichtbar gemaach ginn (Plang op 2 Wochen, Roudeeg op 4). Et ass awer esou datt deen neie Plang vill Aarbecht kascht an Zäit an Usproch hält. Wann dee Plang bis steet kann een sech méi intensiv mam Programm beschäftegen. Leider ass kee „Fachmann“ am El deen zu 100% mat der Software vertraut ass. Et wëll een net risquéieren duerch eng falsch Manipulatioun alles op d'Kopp ze geheien. Et wäert och eng nei Form vum IVU kommen.

Pauses :

► **Les délégués du personnel demandent l'introduction d'un « Pausemann »/d'une « Pausefra » pour les agents travaillant à la BLZ, ainsi que sur les postes « Differdange » et « Belval » au réseau tertiaire.**

Les délégués du personnel demandent à mettre en place une disposition pratique afin de permettre aux chefs de circulation du PDT de faire une pause de 30 minutes pendant séances « nuit » en toute sérénité. (Pétange/Rodange).

Dëst gëtt reportéiert. Et soll an engem Groupe de Travail mam neie Chef de Service Här Lux gekläert gi wou et Sënn mécht och am Kader vun den zukünftege Fusiounen vun de Stellwierker.

BLZ : Responsabilité NOMA :

► **Les délégués du personnel informent qu'ils ont demandé une position officielle de la part des CFL concernant la responsabilité du NOMA et du chef local en astreinte en cas de situation compliquée voire difficile dans l'exploitation, comme p.ex. 2 VT qui se partagent une ou plusieurs ZEP.**

D'Personalvertrieeder vum SYPROLUX hunn op Nofro hi vum Chef de Service confirméiert datt do en Austausch tëscht dem Här Direkter Wengler an hinne stattfonnt hott.

D'Fiche de Poste vum NOMA gëtt gekuckt a néideg Adaptatiounen gi gemaach. Et ass kloergestallt ginn datt wann ee Chef lokal en Astreinte e Fahrdienstleiter eppes ustellt, datt dëst ënnert der Verantwortung vum Chef läit, a net wéi et iertemlecherweis d'leschte Kéier gesot gouf, datt de chëmmes responsabel wier, egal vu weem heen en Uerder kritt. Dëst gëllt och fir de NOMA..

Regroupement des postes directeurs :

► **Les délégués du personnel demandent à être informés sur l'organisation future des postes directeurs actuels :**

Quelle sera la situation après la fusion des postes PDEs, PDDu, PDT et PDC ?

- **Combien d'agents seront affectés futur PDC ?**
- **Le système Safety/Traffic sera-t-il introduit ?**
- **Quelles seront les tâches des différents agents ?**
- **Les postes des aiguilleurs seront-ils également transférés au nouveau PDC ?**

Et ass aktuell nach ze fréi fir hei eng kloer Ausso ze maachen. Esch soll Mëtt Mäerz 2026 op Beetebuerg plënnere. Fir déi betraffe Leit déi um PDEsch qualifizéiert sin

ännert just de Lieu de travail. Sie bleiwe weiderhin an der Region Sud-ouest. Déi ganz Fusioun zu Bt soll 2029 ofgeschloss sin. Dono gëtt dann nach emol gekuckt fir d'Regionnen unzepassen. Fir d'Weichsteller, et sin der 3 an der aler M-Karriär, wier den „trafic“ eng Méiglechkeet och wa Sie souguer d'Formatioun fir en eventuellen „safety“ hunn. Fir de PDL ass d'Fusioun fir 2028 geplangt.

Safety/Traffic :

► **Lors de leurs visites, les délégués du personnel ont remarqué que de nombreux agents sont sceptiques quant au principe du safety/traffic-controller. Les délégués du personnel demandent qu'un sondage de la part des CFL soit réalisé auprès de l'ensemble des postes de desserte pour connaître l'avis des gens du terrain en la matière.**

De Chef se Service sot datt de Promotiounsexamen fir den alen S4/neien S3 u sech fir de Poste vum Safety geduecht ass. An Zukunft wann den AramisC bis fonctionéiert kéinte gréisser Ännerungen op d'Personal vun de Stellwierker duerkommen. Do wäerten d'Posten am Budget ugepasst ginn an de Recrutement resp. d'Formatioun fir e safety an trafic getrennt lafen.

D'Personalvertrieder hunn allerdéngs drun erënnert datt bei enger Entrevue beim Här Direkter Hoffmann ganz kloer gesot ginn ass datt roueg all Agent den Exame soll maachen a Sie um Stellwierk kënne bleiwen, och do wou et keen trafic a safety gëtt. Well de klassische Fahrdienstleiter u sech déi 2 Funktiounen ausübt, ass an den Ae vun de Personalvertrieder do keen Ënnerscheid an der Karriär ze maachen.

Formation :

► **Les délégués du personnel demandent pourquoi et comment il est possible qu'en matière de réglementations RGE/RGI des interprétations de certains formateurs soient toujours tolérées ?**

► **Plusieurs agents ont rapporté qu'ils doivent appliquer des procédures qui ne sont pas réglementées comme tel au RGE/RGI.**

- D'Personalvertrieder vum SYPROLUX hunn op Nofro hi vum Chef de Service confirméiert datt do en Austausch tëscht dem Här Direkter Wengler an hinne stattfonnt hott.
- Et ass vum Chef de Service eng kloer Ausso gemaach ginn datt d'Reglementatioun kee Spillraum fir Interpretatiounen a perséinlech Ureegungen zouléisst. Et ass ganz kloer datt eenzeg an aleng den RGE/RGI maassgebend sinn. Fir onnéideg Diskussiounen ënnert de Fahrdienstleiter an och tëscht de Mecanicien, ADECen a.s.w. ze verhënnere muss sech jidderen un dat selwecht Reglement halen. Bei Enquête gi just d'Richtlinnen aus dëse Bicher berücksichtegt.

► **Les délégués du personnel estiment qu'il fait peu de sens de dispenser des cours de recyclage au printemps en vue d'adaptations au règlement en fin d'année. D'ailleurs les nombreux rectificatifs, resp. les nouvelles éditions successives n'arrangent pas les choses.**

Et ass personalméisseg leider net aneschters méiglech fir se alleguerten duerch ze kréien. Et kéint eng Formatioun op informateschem Wee an d'A gefaasst ginn déi allerdéngs net dee selwechten Effekt hätt wéi eng klassesch wou de Formateur an d'Agenten am Austausch zueneen stinn.

Culture juste – OG10:

► **Il a été rapporté aux délégués du personnel que des agents auraient dû participer à un cours de « remise à niveau » pour éviter qu'une procédure disciplinaire soit déclenchée. Les délégués du personnel aimeraient être informés si tel était le cas ? Dans l'affirmative, ils désirent connaître plus de détails et sur le processus et sur les critères d'une telle pratique ?**

